syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

Infomail zu der Reunioun tëschent dem SNE/CGFP an dem MENJE

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,
Den SNE/CGFP hat eng Entrevue mam MENJE, wou folgend Theme beschwat goufen:

1. D'Horairen am Zykel 1

An der Circulaire de printemps 2022 gouf drop higewisen, datt d'Pausen am Zykel 1 bis zu 30 Minutte kéinten hunn an, datt déi Pausen tëschent den Unterrechtseenheeten intercaléiert misste sinn. Déi Dispositioune goufen an den Ae vum SNE/CGFP an d'Circulaire de printemps dragesat, fir verschiddene Gemengen d'Méiglechkeet ze ginn, d'Unterrechtszaïten aus dem Zykel 1 un d'Unterrechtszäiten aus dem Zykel 2 bis 4 unzegläichen. Esou brauch d'Gemeng just eemol de Bustransport ze organiséieren. Dës „kënschtlech" Verlängerung vun de Pausen a vun der Presenz an de Schoulen am Zykel 1 huet also keng pedagogesch Ursaach, mee gëtt aus Transportkäschtegrënn gemaach. Den SNE/CGFP huet sech vun Ufank u géint dës Praktike gewiert. De MENJE ass sech der Problematik och bewosst a schéngt gewëllt ze sinn, do no Léisungen ze sichen. Den SNE/CGFP huet dem MENJE awer kloer gemaach, datt d'Léisung net kéint doranner bestoen, am Zykel 1 e Maximum vun Unitéiten op 55 Minutten erop ze setzen.
Fir den SNE/CGFP ass et kloer, datt verschidden Horairen am Zykel 1 an am Zykel 2 bis 4 musse bäibehale ginn. D'Léisung kéint fir den SNE/CGFP doranner bestoen, datt d'Kanner aus dem Zykel 1 um Enn vum Moien éischter an d'Maison Relais goe kéinten, fir esou den Decalage vun den Horairen auszegläichen.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie
Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg
sne@education.lu
www.sne.lu

2. Ännerungen zu de Bestëmmungen am Zesummenhang mat dem COVID 19 bei enger Schwangerschaft

An Zukunft wäert d'Léierin net méi d'office an d'Dispense gesat ginn, mee et gëtt all Fall eenzel gekuckt fir dann eng individuell Decisioun ze huelen.

3. Splitting vun de Stonne fir d'Formation continue

An deem Dossier huet den SNE/CGFP erreecht, datt den Enseignant an Zukunft d'Méiglechkeet kritt, fir Weiderbildungsstonnen, déi an 2 Referenzperiode falen, ze splitten an se an där Referenzperiod ugerechent ze kréien, wou se geleescht goufen.

4. Avancement an de 14. Echelon

Och an deem Dossier huet den SNE/CGFP en Erfolleg ze vermellen. Fir an den Echelon 14 ze kommen, wäert et an Zukunft duergoen, datt d'Enseignanten déi Unzuel u Formatiounsstonneleeschten, déi vum MENJE als obligatoresch virgeschriwwe sinn. Och eng Proratiséierung vun de Formatiounsstonne gëtt do mat berécksiichtegt, wann den Enseignant e Service à temps partiel oder eng Rei vu Congéen am Laf vu senger Carrière an Usproch geholl huet. Wann en Enseignant déi verlaangte Stonnen nach net geleescht huet, da gëtt hien deblockéiert, esoubal hie säi Soll erfëllt huet.

5. Kontrakter fir Remplaçanten

Bis elo ass et esou, datt am Fall vu Remplacementer de President vum Schoulcomité oder säin Deleguéierten den Aarbechtskontrakt vum Remplaçant handschrëftlech ausfëlle mussen, an dat obwuel am Scolaria schonn all d'Donnéeë vun der betreffender Persoun stinn. Den SNE/CGFP fuerdert dofir, datt de Scolaria automatesch den Aarbechtskontrakt generéiert an esou den administrativen Opwand verréngert gëtt. De MENJE ass prinzipiell bereet mat op dee Wee ze goen a schafft un enger technescher Léisung (signature électronique).

6. Entschëllegung bei Absencen

Ganz dacks gëtt d'Fro opgeworf, ob den Enseignant d'Recht huet, fir no 3 Deeg en Certificat médical ze verlaangen, wann e Kand krank ass. Am Moment gëtt et am Enseignement fondamental keng gesetzlech Basis fir dëst ze maachen. Allerdéngs gesäit de Projet de loi 7977 «relative au droit à l'enseignement et à

l'obligation scolaire» vir, datt den Titulaire de classe bei enger Absence innerhalb vun 3 Deeg eng schréftlech Notifikatioun vun den Eltere kréie muss. An Zukunft, wann de Projet de loi bis vun der Deputéiertekummer gestëmmt ass, huet hien och d'Recht, fir e Justificatif ze verlaangen.

7. Ersetze vun Educateuren aus der Education précoce

Et ass eis zougedroe ginn, datt d'Educateuren aus der Education précoce net méi ersat géife ginn. Deem ass awer prinzipiell net esou. Allerdéngs mussen d'Remplacementer vun den Educateuren am Precoce exklusiv vu «remplaçants permanents» ofgedeckt ginn. Aus administrativen a gehaltstechnesche Grënn, kënne keng Remplaçante vun der Enseignants-Remplaçants-Lëscht Educateuren aus dem Precoce ersetzen. Obwuel och eng Réserve des suppléants fir Educateuren um Pabeier besteet, sinn doranner leider keng Leit, déi bei krankheetsbedéngten Absencen de Remplacement vun Educateure kënne garantéieren. Den SNE/CGFP verlaangt, datt jiddereen, egal ob Enseignant oder Educateur, ersat muss ginn. Dofir fuerdert den SNE/CGFP de MENJE op, weiderhin alles ze maachen, wat méiglech ass fir d'Lëscht vu Remplaçanten esou wuel fir d'Enseignantë wéi och fir d'Educateuren, opzestocken.

8. Incidence vun Absencen op déi reegelméisseg Iwwerstonnen

Wann ee reegelméisseg Iwwerstonne leescht, dann huet een d'Wiel, se sech als Iwwerstonnen ausbezuelen, oder se op de Compte épargne-temps CET setzen ze loossen. Wann een an enger Woch feelt, dann hunn eenzeg déi Absencen eng Incidence op d'Urechne vun den Iwwerstonnen, déi iwwer de Volume vun 3/5 vun de wéchentlech ze leeschtende Schoulstonnen eraus ginn. Dat heescht konkret, datt een net penaliséiert gëtt an, datt all d'Iwwerstonnen zielen, egal ob een se ausbezuelt oder awer op den CET gesat kritt. Wann ee méi wéi 3 Deeg an der Woch feelt, da gëtt en Taux de présence gerechent an da ginn d'Iwwerstonnen am Prorata gerechent.

9. Eranhuele vun Iwwerstonne vum CET

Wann en Enseignant seng CET-Stonne eranhuele wëllt, zum Beispill virun der Pensioun, esou ginn déi Stonne ganz geenee ofgerechent par Rapport zu der Tâche, déi hien dee Moment huet an net zu der theoretescher Tâche vun 23 Unitéite fir den C2-4, respektiv 25 Unitéite fir den C1.

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu

10. Accès op de Scolaria fir d'I-EBS an d'Enseignanten aus dem Cours d'appui an de Centres d'apprentissage

Den SNE/CGFP huet schonn des Ëfteren um MENJE intervenéiert, fir datt d'I-EBS an d'Enseignanten aus dem Cours d'appui oder de Centres d'apprentissage fir déi Kanner, déi si betreien, och den Zougang zum Scolaria kréien. Den SNE/CGFP begréisst et, datt de MENJE elo Neel mat Käpp mécht an hinnen deen Zougang wäert ginn.

11. Bilanen

Den SNE/CGFP ass ëmmer erëm dorobber ugeschwat ginn, datt et ganz komplizéiert ass, beim Ausfëlle vun den digitale Bilanen, d'Progressioun vun de Kanner iwwer déi verschidden Trimesteren op ee Bléck ze hunn. Eng Rei Enseignanten hunn dofir esouguer mat 2 Computere geschafft. Déi Responsabel vum MENJE hu gesot, datt een dat haut schonn ouni groussen Opwand kann an enger Fënster opmaachen. Si hunn eis do op de Guide zu de Bilane verwisen, deen ëmmer erëm à jour gesat gëtt. Dir fannt de Link op dëse Guide ënner folgender Adress:

https://portal.education.lu/fondamental/EspaceEnseignants/ArtMID/3743/ArticleID/569329/Guide-Bilans-interm233diaires

Mat beschte Gréiss.

De Comité central vum SNE/CGFP

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

sne@education.lu
www.sne.lu